

Lëtzebuerg, den 13 juin 2023

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*« Et ass wierklech eng exzellent Nouvelle, datt de Bus K45 och dat nächst Schouljoer weider tëscht Buerschent iwwer Bierden op Dikrich fuere gelooss gëtt.*

*Mir ass awer an Tëschenzäit an deem Kontext vu betraffene Leit gemellt ginn, datt d'Schülerinnen a Schüler aus dem Dikricher Kolléisch (LCD) um Réckwee eng zimmlech laang Waardezäit zu Ettelbréck hunn. D'Coursen zu Dikrech halen nämlech um 14.35 Auer op. Déi Jonk mussen awer no hirem Départ zu Dikrich ronn 25 Minuten op de Linnebus 134 waarden, dee géint 15.00 Auer zu Ettelbréck ukënnt an um 15.26 Auer do op der Gare fortfiert. Zu Bierden ass de Bus dann theoretisch um 15.35 Auer - wat awer wéinst dem Stau zäitlech seele rausgeet. Dacks ass en nämlech ëm dës Zäit eréischt um Arrêt "Ancienne Clinique" ukomm, sou datt d'Kanner net viru 16.00 Auer zu Bierden sinn.*

*Aus deem Grond wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Fro stellen:*

- Gëtt d'Schülerbuslinn Dikrich-Ettelbréck-Bierden-Buerschent och an deem Sënn iwwerschaft, datt déi betraffe Schülerinnen a Schüler däitlech manner laang waarde mussen?*
- Kënnen d'Schülerinnen a Schüler aus dem Nordstad-Lycée och vun dëser Linn profitéieren? »*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

– Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten